# Informatiounsblat

## VUN DER GEMENG HIEFENECH



1|2020


**AUS DEM GEMENGEROT**

Infoen aus der Gemeng an dem Gemengerot

3

**BBC US HIEFENECH**

Mir hunn an dëser vill ze kuerzer Saison vill erreecht

16

**DUERFLIEWEN**

Aktivitéite a Manifestatioune vun eise Veräiner

19

| | POPULATION / SECRÉTARIAT | RECETTE COMMUNALE | SERVICE TECHNIQUE |
|---|---|---|---|
| LU | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 |
| MA | 07h00-12h00 et 13h00-17h00 | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 | 07h00-12h00 et 13h00-17h00 |
| ME | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 |
| JE | 08h00-12h00 et 13h00-19h00 | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 | 08h00-12h00 et 13h00-19h00 |
| VE | 07h00-12h00 | 08h00-12h00 et 13h00-17h00 | 07h00-12h00 |

**GEMENGENHAUS - MAIRIE**
2, am Duerf L-7651 Heffingen

83 71 68-1
87 97 54

info@heffingen.lu
www.heffingen.lu
facebook.com/GemengHiefenech

# ANNUAIRE

## CONSEIL COMMUNAL

**Jérôme Seiler** *(Bourgmestre)*
691 596 504
jeromeseiler@hotmail.com

**Pit Wilgé** *(Échevin)*
691 856 749
wilge.pit@hotmail.de

**Camille Feltes** *(Échevin)*
621 135 630
feltesmill@yahoo.de

**Guy Schiltz** *(Conseiller)*
621 497 011
schiltzw@pt.lu

**Henri Kauffmann** *(Conseiller)*
691 868 788
hengkauffmann@pt.lu

**John Rach** *(Conseiller)*
691 317 754
johnhiefenech@gmail.com

**Sanny Moschetti-Wetz** *(Conseiller)*
691 431 514
moschetm@pt.lu

**Christian d'Harcour** *(Conseiller)*
661 787 646
christian.dharcour@pt.lu

**Tom Leick** *(Conseiller)*
661 120 738
tom.leick@vo.lu

## SECRÉTARIAT / ETAT CIVIL

**Gilles Schuler**
83 71 68 250
gilles.schuler@heffingen.lu

## BUREAU DE LA POPULATION

**Gilles Schuler**
83 71 68 250
gilles.schuler@heffingen.lu

**Nadine Thelen**
83 71 68 252
nadine.thelen@heffingen.lu

## RECETTE COMMUNALE

**Pierre Bodé**
83 71 68 251
pierre.bode@heffingen.lu

## SERVICE TECHNIQUE

**Alain Wersant**
83 71 68 253
alain.wersant@heffingen.lu

**Atelier**
621 291 404

## ENSEIGNEMENT

**Cycle 1.0** *(précoce)*
87 95 38 30

**Cycle 1.1 et 1.2**
87 95 38 20 / 25

**Cycle 2.1**
87 83 30 200

**Cycle 2.2**
87 83 30 255

**Cycle 3.1**
87 83 30 204

**Cycle 3.2**
87 83 30 203

**Cycle 4.1**
87 83 30 207

**Cycle 4.2**
87 83 30 206

**Maison relais**
87 95 38 55
relais.heffingen@croix-rouge.lu

## SERVICE FORESTIER

Triage de Marscherwald
Maison 1 L-6239 Marscherwald

**David Farinon**
26 78 47 10
621 202 188
david.farinon@anf.etat.lu

## SERVICE DE SECOURS

**Police – Commissariat de l'Ernz**
244 74 200/299

**Police Grand-Ducale** *(www.police.lu)*
113

**Ambulance et pompiers**
112

## DIVERS SERVICES

**Office social** commun Larochette
26 87 00 23

**Par Mëllerdall St Michel**
mellerdall@cathol.lu
83 70 91

**Stëftung Hëllef Doheem** *(Fiels)*
40 20 80 3400

**D'Heinzelmännercher**
28 80 80
mellerdall@cig.lu



# Léif Matbiergerinnen a Matbierger vun der Gemeng Hiefenech,

Jo, et ass schonns eng Zäitchen hier, datt dir vir d'lescht nei Informatiounen aus der Gemeng op dësem Wee konnt noliesen. Mee dir wäert mierken, datt och an de leschte Méint vill geschafft ginn ass. Dofir huelt iech e puer Minutten Zäit fir iech iwwert déi aktuell Projeten an der Gemeng ze informéieren, liest no wat an eise Gemengerotssétzungen decidéiert ginn ass a wéi d'Eckdate vum aktuelle Budget ausgesinn.

Natierlech kënne mir net starten, ouni de Covid-19 unzeschwätzen, eng Pandemie déi et an dësem Mooss nach ni an eisem Duerf a Land gouf. Ech hoffen, datt dir dës ongewinnte Situatioun bis elo all gesond a monter iwwerstanen hutt. Mee net nëmmen de gesondheetlechen Aspekt huet eis all ze schafe gemaach, mee besonnesch déi sozial Aschränkunge sinn eis all schwéier gefall. Sou hunn d'Schoulen, d'Sportshal an d'Veräinshaiser hir Diere misste vun engem Dag op deen aneren zoumaachen. Méi dramatesch war et fir verschidde Betriber, déi hir Aarbecht hu missten astellen. D'Kanner hunn besonnesch gelidden, well si hir Frënn net méi gesi konnten an sech net méi wéi gewinnt op de Spillplaze konnten austoben. Och déi Erwuessen hunn hir sozial Kontakter missten aschränken a konnten sech net méi wéi gewinnt fräi dobausse beweegen. Reegelen, déi eis all virun dem Schlëmmste geschützt, hunn si vun der Regierung a kierzter Zäit opgestallt ginn an hu misste vun all Eenzelem ëmgesat an agehale ginn. Ech wëll iech alleguer am Numm vum Schäffen- a Gemengerot en DECKE MERCI soen, fir är Disziplin an äert virbildlecht Verhalen. Och war d'Solidaritéit keen eidele Slogan hei am Duerf. Spontan hunn Duerfbewunner vulnerabele Leit aus eiser Gemeng gehollef. Och e grousse Merci eisem Gemengepersonal, dat ëmmer do war, wann et gebraucht ginn ass. Mee mir sinn nach net op der gewonnener Säit. Och an dëser Phas vum Déconfinement si mir iwwerzeegt, datt mir all zesummen erëm beweise wäerten, wéi disziplinéiert mir déi bestoend Reegelen anhale wäerten an dëst zum Schutz vun all eise Matbierger.

Trotz der sanitärer Kris gëtt awer och an eiser Gemeng nach vill geschafft an dofir hei schonns e klengen Iwwerbléck iwwert eis aktuell Aarbechten:

- Eise PAG ass um leschten Instanzewee a wann de Ministère de l'Interieur säin definitiven Accord ginn huet, sinn d'Weichen fir d'Zukunft vun eisen Dierfer gestallt. Den neie PAG hält genau fest, wat bautechnesch op wéi enger Plaz an der Gemeng ka realiséiert ginn an erméiglecht eis bestoend Gemengeninfrastrukturen ze moderniséieren an och nei Gebaier ze plangen, déi den aktuellen Upréch entsprieche (z.B. en neie Schoulkomplex).

- Zu Reiland sinn déi grouss Aarbechten ofgeschloss, an déi kënnen sech weise loossen. Sou hu mir op d'Nohaltegkeet e grousse Wäert geluecht an eis Stroossebeliichtung op LED-Technik ëmgestallt. Beim Kanal gräife mir op en Trennsystem zeréck, fir sou d'Schmotzwaassermassen déi gepompelt musse ginn ze reduzéieren. Bedéngt duerch de Corona-Virus hu mir e liichte Retard kritt, mee d'Pompelstatioun konnt elo nach virum Kollektivcongé a Betrib geholl ginn.

- Zu Hiefenech an der Soup ass de RÜB (Regen-Überlauf-Becken) esou gutt wéi fäerdeg. D'Ausschreiwung vun engem weidere RÜB (Hiefenech, Busarrêt-Centre) leeft an d'Aarbechte solle viraussiichtlech am Hierscht lassgoen. D'Plaz rondrëm de Becken an der Soup ass nei amenagéiert ginn an eng Pompelstatioun fir Netz-Waasser soll deemnächst do zu Verfügung stoen. Déi al Hiefenecher Quell (Sonnebuer) soll hei opgefaange ginn (sou änlech wéi zu Reiland beim Wäschbuer) amplaz ongenotzt an d'Bach ze fléissen.

An eiser Gemeng hu mir dëst Joer op eng extern Firma zeréckgegraff, fir dem Onkraut Meeschter ze ginn. Mir verzichte jo bewosst op Pestiziden a jidderee weess aus eegener Erfarung, dat besonnesch d'Onkraut immens schnell wiisst. Et ass erschwéierend derbäi komm, datt eis technesch Servicer eng laang Zäit net konnten an den Asaz. Sou war et onméiglech all Ecke vum Duerf dëst Joer propper ze halen. Eisen technesche Service gëtt wierklech säi Bescht. Mee kommt, loosst eis och hei zesummeschaffen. Wa jidderee viru senger Dier propper hält ass et fir kee vill Aarbecht an eis Dierfe gesinn ëmmer propper an aluedend aus. Mir soen all deenen, déi dës Aarbecht schonns all déi Jore gemaach hunn, e grousse Merci. Um Häerz läit mir och iech nach eng Kéier drun ze erënneren, dat dir den Dreck vun ärem Hond aus Respekt vun äre Matmënschen net sollt um Trottoire oder an de Virgäertercher leie loossen.

Zum Schluss nach e waarmen Appell un iech all: Kaaft lokal! Hëlleft domat souwuel de gastronomesche wéi och den handwierkleche Betriber aus eiser Gemeng fir d'Perten déi si hu missten a Kaf huelen esou geréng wéi méiglech ze halen. Ech wëll iech zum Schluss nach am Numm vum Schäffen- a Gemengerot a gesonden an erhuelsame Summer wënschen!

Mat beschte Gréiss,

**Pit Wilgé**
Schäffen

# AUS DEM GEMENGEROT

GEMEINDERATSSITZUNG

## 7. AUGUST 2019

*Anwesend: Jérôme Seiler (Bürgermeister), Pit Wilgé und Camille Feltes (Schöffen) Guy Schiltz, Henri Kauffmann, John Rach, Sanny Moschetti-Wetz, Christian D'Harcour, Tom Leick (Gemeinderatsmitglieder) Gilles Schuler (Gemeindesekretär)*

**#1 KOSTENVORANSCHLAG FÜR DIE INSTANDSETZUNG DER STRASSE „AM DUERF" IN REULAND.**

Der Kostenvoranschlag von 670.000 € für die Instandsetzung der Straßen „Am Duerf" in Reuland wird einstimmig angenommen.



GEMEINDERATSSITZUNG

## 2. OKTOBER 2019

*Anwesend: Jérôme Seiler (Bürgermeister), Pit Wilgé und Camille Feltes (Schöffen) Guy Schiltz, Henri Kauffmann, John Rach, Sanny Moschetti-Wetz, Christian D'Harcour, Tom Leick (Gemeinderatsmitglieder) Gilles Schuler (Gemeindesekretär)*

*Entschuldigt: Guy Schiltz, Gemeinderatsmitglied*

**#1 ERNENNUNG EINES VERTRETERS UND EINES ERSATZMITGLIEDS FÜR DEN „COMITÉ D'ACCOMPAGNEMENT POUR L'EAU POTABLE DE LA RÉGION DU PARC NATUREL DU MËLLERDALL"**

In geheimer Abstimmung und einstimmig werden John Rach, zum Vertreter und Guy Schiltz, zum Ersatzmitglied im „comité d'accompagnement pour l'eau potable de la région du Parc naturel du Mëllerdall" ernannt.

**#2 KOSTENVORANSCHLAG FÜR DIE ERRICHTUNG EINES ÖFFENTLICHEN PLATZES IN HEFFINGEN/SOUP**

Der Kostenvoranschlag für die Errichtung eines „öffentlichen Platzes" in Heffingen/Soup von 56.244,57 € wird einstimmig genehmigt.

**#3 UMÄNDERUNG DER STATUTEN DES NATURPARK MËLLERDALL.**

Bei einer Gegenstimme wird die Umänderung der Statuten des Naturprk Mëllerdall genehmigt, welcher demzufolge jetzt offiziell "Natur- & Geopark Mëllerdall" heißt.

GEMEINDERATSSITZUNG

## 20. NOVEMBER 2019

*Anwesend: Jérôme Seiler (Bürgermeister), Pit Wilgé und Camille Feltes (Schöffen) Guy Schiltz, Henri Kauffmann, John Rach, Sanny Moschetti-Wetz, Christian D'Harcour, Tom Leick (Gemeinderatsmitglieder) Gilles Schuler (Gemeindesekretär)*

### #1 FORSTPLAN FÜR DAS JAHR 2020

Der Gemeindewald wird der Gemeinde Heffingen voraussichtlich Einnahmen in Höhe von 60.050 € einbringen. Die Ausgaben (unter anderem Personalkosten von 36.500 €) belaufen sich auf 69.320 €. Der Forstplan wurde einstimmig vom Gemeinderat gutgeheißen.

### #2 ANKAUF EINER WALDPARZELLE

Einstimmig beschließt der Gemeinderat eine Waldparzelle von 28,10Ar, gelegen im Ort „Gründchen", welche Herrn Jean-Pierre Hilger aus Leudelingen gehört zu erwerben.

### #3 GENEHMIGUNG VON VERSCHIEDENEN NOTARIATSAKTEN

Die Notariatsakten betreffend den Ankauf einer Waldparzelle von Herrn Guy Hoffmann, sowie eines Grundstücks von Herrn Alex Greischer für die Errichtung eines Überlaufbeckens werden einstimmig gutgeheißen

### #4 UNTERSTÜTZUNG FÜR DIE LOKALEN VEREINE

Für außergewöhnliche Veranstaltungen ist der Gemeinderat damit einverstanden die lokalen Vereine mit einem Betrag von 150 € zu unterstützen.

### #5 AIRTRAMP

Der Gemeinderat beschließt einstimmig eine Gebühr von 50.-€ pro Stunde für die Benutzung des Airtramp einzuführen. Diese gilt allerdings nur für nichtansässige Vereine oder Einrichtungen.



GEMEINDERATSSITZUNG

## 18. DEZEMBER 2019

*Anwesend: Jérôme Seiler (Bürgermeister), Pit Wilgé und Camille Feltes (Schöffen) Guy Schiltz, Henri Kauffmann, John Rach, Sanny Moschetti-Wetz, Christian D'Harcour, Tom Leick (Gemeinderatsmitglieder) Gilles Schuler (Gemeindesekretär)*

### #1 BERICHTIGTER HAUSHALTSPLAN 2019 UND HAUSHALTSPLAN 2020

Der berichtigte Haushaltsplan 2019 sowie der Haushaltsplan 2020 werden einstimmig genehmigt. Zusätzliche Details finden Sie auf den folgenden Seiten.

### #2 GENEHMIGUNG DES UMGEÄNDERTEN BEBAUUNGSPLANS DER GEMEINDE HEFFINGEN

In seiner Sitzung vom 14. Januar 2019 hatte der Gemeinderat den umgeänderten Bebauungsplan der Gemeinde Heffingen provisorisch genehmigt. Daraufhin waren 28 Einwände eingegangen. Nachdem diesen teilweise Rechnung getragen wurde, genehmigt der Gemeinderat alsdann definitif und einstimmig den umgeänderten Bebauungsplan der Gemeinde Heffingen.

GEMEINDERATSSITZUNG

## 26. FEBRUAR 2020

*Anwesend: Jérôme Seiler (Bürgermeister), Pit Wilgé und Camille Feltes (Schöffen) Guy Schiltz, Henri Kauffmann, John Rach, Sanny Moschetti-Wetz, Christian D'Harcour, Tom Leick (Gemeinderatsmitglieder) Gilles Schuler (Gemeindesekretär)*

### #1 ANLEIHE

Einstimmig beschließt der Gemeinderat die Anleihe von 2.000.000 €, welche im Haushaltsplan 2020 vorgesehen ist in Anspruch zu nehmen.

### #2 AMICALE POMPJËEN HIEFENECH/REILAND

Die Statuten der neugegründeten „Amicale Pompjëen Hiefenech/Reiland" werden einstimmig gutgeheißen.

### #3 CGDIS

Einstimmig werden die Vereinbarungen mit dem CGDIS (Corps grand-ducal d'incendie et de secours) genehmigt welche die Bereitstellung der Feuerwehrgebäude sowie die Übertragung der Feuerwehrfahrzeuge an den CGDIS regeln.

### #4 GENEHMIGUNG EINES NOTARIATSAKTES

Der Notariatsakt betreffend die Abtretung verschiedener Parzellen durch die Gesellschaft Immo-Mehlen an die Gemeindeverwaltung im Rahmen der Durchführung verschiedener Teilbebauungspläne wird einstimmig genehmigt.

### #5 KOMMUNALE VERORDNUNG BETREFFEND DIE ABFALLENTSORGUNG

Einstimmig wird das neue Reglement welche die Abfallentsorgung in unserer Gemeinde regelt vom Gemeinderat angenommen.

### #6 EVENTUELLE ERWEITERUNG DES BEBAUUNGSPLANS

Prinzipiell spricht sich der Gemeinderat gegen eine Erweiterung des Bebauungslans im Ort „Scherfenhof" aus.

GEMEINDERATSSITZUNG

## 13. MAI 2020

*Anwesend: Jérôme Seiler (Bürgermeister), Pit Wilgé und Camille Feltes (Schöffen) Guy Schiltz, Henri Kauffmann, John Rach, Sanny Moschetti-Wetz, Christian D'Harcour, Tom Leick (Gemeinderatsmitglieder) Gilles Schuler (Gemeindesekretär)*

### #1 FESTLEGUNG DER GEBÜHREN FÜR DIE ABFALLENTSORGUNG

Neu festgesetzt werden die Gebühren für die Abfallentsorgung in unserer Gemeinde. Einzelheiten wurden bereits durch die Gemeindeverwaltung und SIDEC im Laufe des Jahres mitgeteilt.

### #2 FESTLEGUNG DER GRUNDSTEUER FÜR 2021

Einstimmig entscheidet der Gemeinderat die aktuellen Sätze der Grundsteuer nicht anzuheben.

### #3 FESTLEGUNG DER GEWERBESTEUER FÜR 2021

Ebenfalls einstimmig entscheidet der Gemeinderat die Gewerbesteuer bei 300 % zu belassen.

### #4 HOCHWASSERGEFAHRENKARTEN UND HOCHWASSERRISIKOKARTEN

Einverstanden ist der Gemeinderat mit dem Entwurf der Hochwassergefahrenkarten und Hochwasserrisikokarten welche vom Umweltministerium erstellt worden sind.

### #5 BESCHWERDEN GEGEN DIE DEFINITIVE GENEHMIGUNG DES BEBAUUNGSPLANS DER GEMEINDE HEFFINGEN

9 Beschwerden sind beim Innenministerium gegen die definitive Genehmigung des Bebauungsplans der Gemeinde Heffingen eingegangen. Der Gemeinderat beharrt auf seiner Entscheidung vom 18 Dezember 2019 und schlägt dem Innenministerium vor die genannten Beschwerden abzulehnen.

# BUDGET 2020

## I. RECETTES EXTRAORDINAIRES

| | |
|---|---|
| Emprunt: | 2 000 000,00 |
| Taxes de raccordement à la canalisation: | 35 000,00 |
| Taxes de raccordement à la conduite d'eau: | 25 000,00 |
| Taxes d'infrastructure: | 60 000,00 |
| **Total:** | **2 120 000,00** |

## II. RECETTES ORDINAIRES

| | |
|---|---|
| 1. Services généraux des administrations publiques: | 4 860  729,88 |
| 2. Protection sociale: | 130  000,00 |
| 3. Ordre et sécurité publics: | 90 000,00 |
| 4. Affaires économiques: | 58 600,00 |
| 5. Protection de l'environnement: | 374 047,89 |
| 6. Logements et équipements collectifs: | 263 088,00 |
| 7. Loisirs, culture et culte: | 3 500,00 |
| 8. Enseignement: | 1 000,00 |
| **Total:** | **5 780 965,77** |

## III. DÉPENSES ORDINAIRES

| | |
|---|---|
| 1. Services généraux des administrations publiques: | 1 250 669,00 |
| 2. Protection sociale: | 566 356,26 |
| 3. Ordre et sécurité publics: | 68 850,00 |
| 4. Affaires économiques: | 175 121,77 |
| 5. Protection de l'environnement: | 392 094,60 |
| 6. Logements et équipements collectifs : | 816 100,,00 |
| 7. Loisirs, culture et culte: | 244 702,00 |
| 8. Enseignement: | 330 495,22 |
| **Total:** | **3 844 388,85** |

## IV. DÉPENSES EXTRAORDINAIRES

| | |
|---|---|
| Révision du PAG: | 20 000,00 |
| Dotation au fonds de roulement de l’office social commun: | 500,00 |
| Aménagement d’une place publique au lieu-dit «Heffingen-Soup/Millen » : | 70 000,00 |
| Apport en capital SIDEN: | 468 543,74 |
| Redressement des rues « bei der Kiirch, Massewee et Wantergaass » à Reuland: | 180 000,00 |
| Réaménagement de la rue « am Duerf » à Reuland : | 520 000,00 |
| Redressement de la rue « Benzelsgaass » à Heffingen : | 30 000,00 |
| Maison « Schuler », élaboration plans: | 50 000,00 |
| Acquisition de matériels pour le service technique: | 35 000,00 |
| Frais d’étude sur l’état des infrastructures d’approvisionnement en eau: | 40 000,00 |
| Construction d’un nouveau réservoir d’eau potable: | 1 500 000,00 |
| Acquisition de terrains: | 600 000,00 |
| Travaux au Centre Culturel et Sportif: | 50 000,00 |
| Chemin entre Heffingen et Soup: | 25 000,00 |
| Frais d’études pour la construction d’une école centrale: | 50 000,00 |
| Remise en état de la cour de l’école à Heffingen: | 100 000,00 |
| **Total:** | **3 739 043,74** |

## V. RÉCAPITULATIF

| | **Ordinaires** | **Extraordinaires** |
|---|---|---|
| Recettes | 5 780 965,77 | 2 120 000,00 |
| Dépenses | 3 844 388,85 | 3 739 043,74 |
| Boni propre à l’exercice | 1 936 576,92 | |
| Mali propre à l’exercice | | 1 619 043,74 |
| Boni/Mali 2019 | | 133 947,47 |
| Total 2020 | 1 936 576,92 | -1 752 991,21 |
| Boni 2020 | | 183 585,71 |

myenergy
Luxembourg

## So laden Sie Ihr Elektroauto zuhause!

Die Installation einer Wandladestation in den eigenen vier Wänden ist eine sichere und intelligente Lösung die deutlich die Ladezeit reduziert.

- Empfohlen wird die Installation einer Wandladestation mit einer Ladeleistung von bis zu 11 kW.
- Ab einer Leistung von 7 kW ist eine Verkabelung mit Ihrem intelligenten Stromzähler obligatorisch.
- Lassen Sie die Überprüfung der bestehenden Elektroinstallation des Gebäudes und die Anbringung der Ladestation von einer zertifizierten Elektrofachkraft durchführen!

**Sollten Sie Ihr Elektroauto tagsüber laden, besteht die Möglichkeit Ihren selbst produzierten Photovoltaikstrom zu nutzen!**




Partner für eine nachhaltige Energiewende

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

myenergy
Luxembourg

## Chargez votre voiture électrique à domicile !

L'installation d'une borne de charge domestique réduit considérablement le temps de charge et permet une charge sécurisée et intelligente.

- Il est recommandé d'installer une borne de charge murale d'une puissance pouvant aller jusqu'à 11 kW.
- À partir d'une puissance de 7 kW, une connexion à votre compteur intelligent est obligatoire.
- Confiez le contrôle de l'installation électrique du bâtiment et la mise en place de la borne à un électricien qualifié !

**En chargeant votre voiture électrique pendant la journée, vous pourrez profiter de l'électricité produite par vos panneaux photovoltaïques !**




Partenaire pour une transition énergétique durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement



## Véi, duerch fräilafend Hënn a Panik versat, a fortgelaf

**Schonn erëm ass Véi, dat duerch fräilafend Hënn a Panik versat gouf, duerchgaangen.**

Des Kéier war et en Trapp vun 12 Ranner, déi zanter 2 Méint op der Wiss stoung an souguer gewinnt war, dass all Dag Leit mat Hënn laanscht getrëppelt sinn. Se goufen esou a Panik versat, dass se allen 12 fortgelaf an duerch 5 pickeg Dréit duerchgebrach sinn, iwwer e Feld, e Wee a weider an eng Wiss bis bei d'N14. Déi Déieren waren sou verängschtegt a verschotert, dass se net mol méi op d´Stemm vun hirem Proprietär reagéiert hunn an nëmmen nach weider geflücht sinn.

Ech well dorop hiweisen, dass Ranner vun Natur aus fuerwetzeg sinn a bei den Drot kucke ginn, wann een säin Auto bei hirer Wiss parkt an en Hond aus dem Auto hëlt. Mee leider war et des Kéier net nëmmen 1 mee gläich iwwer eng hallef Dosen Hënn, vun deenen nëmmen 2 an der Léngt waren. Déi betraffe Persoun war net de Proprietär vun all deenen Hënn, mee e sougenannten Hondshidder deen e Service ubitt, fir mat hinnen tëppelen ze goen. Ausserdeem erféiert en Déier net ouni Grond. Et muss sech bedreet fillen fir fortzelafen. Hei war souvill Angscht, dass gläich den ganzen Trapp a Panik war.

Ech verstinn, dass d'Leit hiren Hond alt gäre fräi lafe loossen wëllen, mee ech appelléieren un hir Responsabilitéit, hiren Hond am Greff an ënner Kontroll ze halen, an sech virun allem net bei Wisen mat Véi opzehalen. Wéi dir wësst, hunn mir d'Chance eng Gewaan ze hunn, déi et eis erlaabt vill Weeër ze goen, op deen een Kilometere goen kann, ouni e Béischt op enger Wiss ze begéinen.

Stellt iech vir wat geschitt wier, wann déi Ranner op d'national Strooss gelaf wieren an en Accident provozéiert hätten! Keen, sief et en Auto-, Motorrad- oder Camionschauffer, well jee an eng Situatioun kommen wou op emol esou en Trapp Véi virun sengem Gefier iwwert d´Strooss leeft.

Mat vill Gléck a Gedold a mat Hëllef vun Noperen konnten d'Ranner sécher agefaange an zréck an de Stall bruecht ginn. Ech konnt se net méi op déi Wiss loossen: d'Clôture war staark beschiedegt, an d'Véi ass traumatiséiert. Et wäert eng Zäit daueren bis se erëm an d'Wiss zréckgoen kënnen, wann iwwerhaapt.

Ech soen Merci fir är Versteesdemech
**E betraffene Bauer**

## Le bétail s’enfuit, pris de panique par des chiens en liberté

Une fois de plus, du bétail, paniqué par des chiens en liberté, s‘est enfuit. Cette fois-ci, il s‘agit d‘un troupeau de 12 bovins qui était dans la prairie depuis 2 mois et qui était habitué à ce que les gens passent tous les jours avec leurs chiens. L’état de panique était tel que les douze bêtes se sont enfuies, ont franchi la clôture, traversé un champ, une route et encore une prairie jusqu'à la N14. Les animaux étaient si effrayés qu'ils ne réagissaient même plus à la voix de leur propriétaire et continuaient à s'enfuir.

Je tiens à préciser que le bétail est curieux de nature et s'approche volontiers de la clôture pour observer une personne garer sa voiture et promener son chien. Malheureusement, cette fois-ci, il ne s'agissait pas d'un seul chien, mais de plus d'une demi-douzaine, dont deux seulement étaient tenus en laisse. La personne concernée n'est pas propriétaire de tous ces chiens, et offre ses services pour les promener. Par ailleurs, un animal ne s‘effraye pas sans raison. Il doit se sentir menacé pour s´enfuir. Ici, la panique s’est emparée de tout un troupeau.

Je comprends bien que les gens aimeraient laisser leur chien courir en liberté, mais je fais appel à leur sens de la responsabilité pour garder leur chien sous contrôle et surtout ne pas s’approcher des prés occupés par du bétail. Comme vous le savez, nous avons la chance d’avoir un voisinage qui permet d‘emprunter de nombreux chemins où l'on peut marcher pendant des kilomètres sans rencontrer de bétail dans un pré.

Imaginez ce qui se serait passé si le bétail avait couru sur la route nationale très fréquentée et avait provoqué un accident! Personne, qu'il s'agisse d'un conducteur de voiture, de moto ou de camion, ne veut se retrouver dans une situation où, soudainement, et à l'improviste, un troupeau de bétail se retrouve sur sa route.

Avec beaucoup de chance et de patience, et avec l'aide de mes voisins, le bétail a pu être ramené en toute sécurité à la ferme. Je ne pouvais plus les laisser dans la prairie: des dégâts considérables ont endommagé la clôture et le bétail est traumatisé. Il lui faudra du temps pour qu‘il retrouve la prairie, si tant est qu'il y en ait encore une.

Merci de votre compréhension
***Un agriculteur touché***

## D’Gemeng Hiefenech ass och op facebook

Hei fannt Dir déi aktuell News betreffend eis Gemeng. Kuckt dofir reegelméisseg bei eis laanscht fir näischt ze verpassen!








*Zenter dem 30. November d'läscht Joer gëtt et en neie Veräin an eiser Gemeng*
*Depuis le 30 novembre de l'année dernière, une nouvelle association a vu le jour dans notre commune*

## Amicale Pompjeeën Hiefenech-Reiland a.s.b.l.

Dësen nei gegrënnte Veräin huet sech als Aufgab gesat den CIS Hiefenech-Reiland (Centre d'Incendie et de Secours) ze ënnerstëtzen an Frëndschaft ënnert den Aktiven an de fréieren Komeroden baussent dem CGDIS erëm opliewen ze loossen.

Wéinst der Reorganisatioun vum CGDIS huet missten eng Amicale gegrënnt ginn, déi déi Aktivitéiten iwwerhëlt déi näischt mat deenen vum normalen Pompjeesdéngscht ze dinn hunn.

Wéi och an der Vergaangenheet soll duerch d'Organisatioun vun Aktivitéiten Teamgeescht an Frëndschaft vermëttelt ginn. Des Weideren soll d´Amicale Kollegialitéit an den Zesummenhalt vun den CIS-Memberen festegen.

Geplangt sinn iwwert d'Joer verdeelt verschidden Aktivitéiten wéi Vizverkafen, Kleeschen, Buergbrennen, 1. Mee, …

D'Amicale gëtt gefouert duerch de President Patrick Lopes Fonseca an de Vizepresident Marc Schmit, ënnerstëtzt duerch säin Comité zesummegesat vun 7 weider Memberen.

*Cette association nouvellement créée s'est donnée pour mission de soutenir le CIS Hiefenech-Reiland (Centre d'Incendie et de Secours) et de faire revivre l'amitié entre les membres actifs et les anciens camarades en dehors du CGDIS.*

*En raison de la réorganisation du CGDIS, une "Amicale" a dû être fondée pour reprendre les activités qui n'ont rien à voir avec le service d'incendie et de sauvetage classique.*

*Comme par le passé, l'esprit d'équipe et l'amitié doivent être renforcés par l'organisation d'activités. En outre, l'Amicale vise à renforcer la collégialité et la solidarité entre les membres du CIS.*

*Diverses activités sont prévues tout au long de l'année, telles que : vente de jus de pomme, accompagner le Saint-Nicolas, Buergbrennen, 1er mai, ...*

*L'Amicale est dirigée par le président Patrick Lopes Fonseca et le vice-président Marc Schmit, soutenus par son comité, composé de 7 autres membres.*

# HËLLEFT ONS HËLLEFEN



Um 19ten Ungareschen Dag hate mir niewend ville Gäscht och vill Éiregäscht op Besuch. Niewend enger Delegatioun vun Csókakő konnte mir och den ungareschen Botschafter Dr. KOVÁCS Tamás Iván, d'Andrea Hanzséros als stänneg Vertriederin vun der Botschaft hei zu Lëtzebuerg an den Jean Ries Konsul vun Ungarn begréissen. A sénger Usproch huet de Botschafter der Asbl ee ganz grousse Merci gesot, fir déi Aarbecht déi sie zënter 1999 fir säin Heemechtsland machen.

























Mir haten onsen éischten Hungarian Winterlights mat villen Ungareschen Spezialitéiten wéi Lángos, Kürtöskalács organiséiert.

E puer Dausend Liichter hun zur wanterlecher Stëmmung bäigedron. Merci all deene Leit déi do waren ënnert hinnen d'Mme Andrea Hanzséros vun der Ungarescher Botschaft.



*De Grill fir Kürtöskalács ze backen ass vun deenen zwee Hären gebaut ginn. Als Modell haten si just eng Foto. Hinnen ee grousse Merci.*

NEWS

# BBC US HIEFENECH



**Obwuel dës Saison leider vill ze fréi op en Enn gaangen ass, hu mir als Basket Hiefenech vill erreecht. Eis Hären hunn et gepackt an der TOTAL League ze bleiwen an eis Dammen hunn och dës Saison op en neits d'Coupe FLBB gewonnen.**

Mir hunn den Daniel Brandão an den Diogo Lopes eng weider Saison als Coache verflicht an de Miguel Ramos iwwerhëlt eis Jongenequippen.

Eis Lëtzebuerger Häre bleiwen eis als Spiller trei an si ginn ënnerstëtzt duerch den Nelly Stephans, de Milik Yarbrough an de Christopher Jones. Och bei eisen Damme wäert dir mam Nina Schmitz, dem Joëlle Nerden an dem Joyce Dos Santos e puer nei Gesiichter gesinn.

Mir hoffen, datt mir erëm geschwënn an der gewinnter Form spille kënnen. Falls net, kënnt dir eis Härematcher live iwwert de Fernsee materliewen. Natierlech ass dat net dat nämmlecht wéi wann een an der Hal mat derbäi ass. Mir garantéieren do eng flott Stëmmung wärend an nom Match.

Dir hutt Loscht bäi eis matzemaachen, an dat als Spiller, als Comitésmember oder am Supporterclub?

Dann mellt iech iwwert **secretaire@usheffingen.lu oder 878904** bei eis.






Fir an déi richteg Stëmmung ze komme bidde mir iech flott Fanartikel un: T-Shirts, Polos, Hoddies a villes méi kënnt dir iwwert eise facebook-shop oder de Shop op eiser Homepage www.usheffingen.com bestellen. Besonnesch d'Maske waren e richtege Renner a falls dir keng méi erwëscht hutt, notzt d'Geleeënheet iech nach eng ze reservéieren (secretaire@usheffingen.lu).

Mir wëllen awer och dovu profitéieren, fir all eise Sponsoren **en décke MERCI** ze soen, fir hir Ënnerstëtzung iwwert déi ganz Saison. Dir hutt all eise Covid-Sponsor-Opruff an de leschten Deeg an ärer Bréifkëscht fonnt. Vill vun iech hunn spontan gespent, mir sinn iwwerwältegt vun dëser Solidaritéit!

Mir hoffen iech erëm geschwënn op engem Match oder op engem vun eise Fester erëm ze gesinn. Bleift ëmmer informéiert, a kuckt reegelméisseg bei eis eran:

homepage: **www.usheffingen.com**
facebook: **USHEFFINGEN**
instagram: **USHEFFINGEN**

Supporterclub:

**Hiefenecher Léiwen**
Info.ushlions@gmail.com
instagram/hiefenecher_leiwen
facebook.com/USHLions



# DËSCHTENNIS REILAND

1970 gegrënd ginn

**Duerch d'Corona-Pandemie bedéngt, annuléiert den Dëschtennis Reiland all seng Manifestatioune fir dëst Joer!!!**

**Mir brauchen awer och nach fir déi nächst Saison Verstäerkung fir ons Cadet-Equipe**

**Wann Dëschtennis dir gefält an du tëschent 10 a 16 Joer al bass a Loscht hues fir bei ons matzemaachen, da mell dech bei ons.
Mir si frou fir all Verstäerkung, a mir freeën ons op dech.**

**Fir weider Infoen:**

**Jang Schwartz - President
691 878 665 oder j.schwartz@tango.lu**






# WEIHNACHTSMARKT 2019

## Erfolgreiche Auflage

Bei wider Erwarten weitgehend trockenem Wetter spielte sich die Auflage 2019 des von der Hiefenecher Jugend organisierten Weihnachtsmarkts beim Centre culturel et sportif ab.

An sechs Ständen präsentierten die teilnehmenden Vereine Amicale Pompjéen Hiefenech-Reiland, Lien du Coeur, Ministrare, Matheiswierk und Hiefenecher Jugend sowie das Restaurant Reiländer Millen ein breites Angebot an kunsthandwerklicher Dekoration, selbstgebackenem Brot und Weihnachtsgebäck sowie eine große kulinarische Auswahl.

Hunger und Durst musste niemand leiden: Von Flammkuchen und Raclette über Gromperekichelcher, portugiesische Spezialitäten und Pfannkuchen bis hin zu Kürbissuppe, vor Ort gebackenem Brot, Esskastanien und Baumkuchen war für jeden etwas dabei. Neben Kaffee, Tee, Schoki und Kinderpunsch wurden auch Champagner, Apple Jack, Glühwein und anderes angeboten.

Der gemeinsame Stand von Ministrare Hiefenech-Reiland asbl und Oeuvres St Mathias asbl bot wieder Gelegenheit, bei einer Tombola adventliche Preise zu gewinnen, selbst kreierte Beileidskarten (mit Motiven aus der Umgebung und luxemburgischem Text) und Weihnachtsgrußkarten sowie das zweibändige Werk „Hiefenech – en Duerf, eng Par“ zu erwerben bzw. zu bestellen.



Am Samstagabend sorgte die Chorale Ste Cécile Heffingen mit einem bunten Reigen von Christmas Carols für Stimmung.



# D'KIERCH AM DUERF

## HIEFENECH A REILAND AN DER PAR MËLLERDALL ST MICHEL

Nach fast 30-jährigem Engagement in der früheren Pfarrei Heffingen, im Pfarrverband Larochette und seit 2017 in der neuen Pfarrei Mëllerdall St Michel hat Marc LINDEN nun seine Funktion als Küster der Heffinger Kirche sowie seine Ämter als Präsident der kommunalen Kirchenfabrik Heffingen und der Œvres St Mathias sowie als Vertreter Heffingens im Pastoralrat und im CGP (Conseil de Gestion Paroissial) aufgegeben.

Für seine jahrzehntelange Arbeit, die er mit viel Liebe fürs Detail und in dem Bestreben „die Kirche im Dorf zu halten", verrichtet hat, gebührt ihm Anerkennung und Dank. In besonderer Erinnerung bleibt die Renovierung der Heffinger Kirche, die er gemeinsam mit anderen Ehrenamtlichen unseres Dorfes mit entwickelt und kritisch begleitet hat.




Dank gilt ebenso Mme Gritty Linden, die sich während dieser ganzen Zeit um die Paramentenpflege gekümmert hat. Ihre Arbeit war vor allem sichtbar in den je nach Festen und Zeiten im Kirchenjahr in unterschiedlichen Farben bekleideten Altären unserer Kirche – eine Arbeit, die viel Geduld und Fingerspitzengefühl erfordert.

Inzwischen wurden die vakant gewordenen Funktionen neu besetzt: Das Amt des Küsters sowie die Funktion des Präsidenten in der kommunalen Kirchenfabrik hat Pit Wilgé übernommen. Neue Präsidentin der Œuvres St Mathias ist Maggy Schaack.

Das Amt der Kassiererin in beiden Gremien wird weiterhin von Dadu Schmit wahrgenommen, Sekretärin ist in beiden Fällen Lucia Peters-Geiben.

Die Vertretung Heffingens im CGP übernimmt Maggy Schaack, ihre Vertretung nimmt Dadu Schmit wahr. Im Pastoralrat wird Heffingen zurzeit von einer Person, Maggy Schaack, vertreten, statt von zwei Personen.

### PAR MËLLERDALL - ÉQUIPE PASTORALE:

**Kuzwela Mulanda Robert** *(curé)*

- 26 87 01 69 ou 691 70 83 83
- rkmuland@hotmail.com

**Wirtz-Sonntag Marie-Josée** *(catéchète)*

- 621 697 094
- cate.mellerdall@cathol.lu
- marie-josee.wirtz@cathol.lu

**Poos-Goedert Josiane** *(secrétaire)*

- 83 70 91
- josiane.poos@cathol.lu

### BULLETIN PAROISSIAL / PARBRÉIF

https://web.cathol.lu/1/paroisses/par-mellerdall-saint-michel/

### ABONNEMENT PARBRÉIF AN ÄR BRÉIFKËSCHT

- 661 214 784, L. Peters

## Aktivitéiten / Activités

### DON VU MINISTRARE FIR DE PROJET YUA

Pol Strauss huet am Numm vu Ministrare YUA e Scheck vu 500 EUR iwerreecht, déi beim Neijoerskoncert 2019 gesammelt gi sinn.



*YUA : le groupe Yua est un lieu de vie réservé aux jeunes femmes enceintes et aux familles monoparentales (mamans ou papas). Il a pour objectif de les soutenir et de les encourager dans leur parentalité en renforçant la relation parent-enfant et en les accompagnant dans les tâches de la vie quotidienne.* *rentales (mamans ou papas). Il a pour objectif de les soutenir et de les encourager dans leur parentalité en renforçant la relation parent-enfant et en les accompagnant dans les tâches de la vie quotidienne.*




*Katechese für Erwachsene / adultes : https://www.cathol.lu/sai-glawe-liewen-vivre-sa-foi/gleewen-croire/katechumenat-catechumenat/*





### FUESKICHELCHER BAKEN FIR MATHEISDAG

D'kleng Kiermes zu Hiefenech bedeit och ëmmer, dass et no der feierlecher Mass Fueskichelcher fir all Leit gët. *(Ministrare)*

## OUSCHTERGAART / JARDIN DE PÂQUES 2020



## OCH 2019 GOUF DE KRAUTWËSCH AN DER KIERCH GESEENT A VERDEELT

Léiffrabettstréi, Haardenol, Schmaach déi Peffermënz emol. An de Batteralzem och; Ei, den Däll, wat e Geroch! Pëlpes, Raut, Ouschterluzei, Boxeknäpp an och Zalfei. Kuck dee Léifstack, Deen ass gutt. Kazeschwanz, dee rengegt d'Blutt. Eng déck Ënn An eng schéi Muert, Huewer, Fruucht..... An engem Wuert: Wat den Herrgott bei al Pad Fir Gesond a Krank gesat. (Gedicht vum Hary Traufler)



## INVITATIOUN FIR ENG BËSCH-KATECHES

"Op de Spure vu Gott an der Natur"



Zesummegestallt vum Marie Josée Wirtz, Katechetin an eiser Par Mëllerdall - St. Méchel an dem Claudine Milbert, Katechetin an der Par Oewersauer- St. Pirmin.

**Fir Vakanz doheem - emol aanescht, propséiere mir 2 flotte Trëppeltour mat der ganzer Famill:**

- am Mëllerdall (Noumer)
- um Stauséi (Béiwen)

Detail fannt dir op https://cathol.lu/mellerdall ënnert der Rubrik Kateches a natierlech fannt dir och-Fichen an de Kierchen zu Hiefenech, Medernach an Noumer

## SCHAFFT BEI EIS MAT
*REJOIGNEZ NOS ASSOCIATIONS*

- Œuvres St Mathias / Matheiswierk;
- Ministrare Hiefenech/Reiland (Massendénger/Enfants de chœur);
- Chorale Ste Cécile (weltlicher und geistlicher Gesang)

**CONTACTS:**

**Maggy SCHAACK**
621 689 086

**Lucia Peters**
661 214 784




























*Ministrare : Verkaaf vu Beileedskaarten mat Texter op Lëtzebuergesch a Fotoën aus der Géigend*

## BÄILEEDSKAARTEN MAT NATURMOTIVER AUS EISER GÉIGEND

Ministrare Hiefenech Reiland asbl huet 10 nei Bäileedskaarten erausbruecht. D'Fotoen hunn Sanny Wetz-Moschetti an de Pol Strauss gemaach, d'Texter huet Maggy Schaack gesicht bzw. geschriwwen.

Eng Kaart mat Enveloppe kascht 2,- EUR.

**Si kënne beim Maggy Schaack bestallt ginn** 621 689 086




## Hiefenech, en Duerf – eng Par

Texter op Däitsch an Lëtzebuergesch, erausginn 2010

Präis pro Band: 30 EUR

Bestellungen iwwer Virement op de Kont LU56 1111 7047 1409 000 – Œuvres St Mathias



Foto: Georges Wagner

# CÄECILIEFEIER ZU HIEFENECH

Als ee vun den Héichpunkten vum Gesangsjoer huet d'Chorale Ste Cécile Hiefenech den 1. Dezember d'Cäeciliemass ënnert der Direktioun vum Serge Rosen gesongen, begleet op der Uergel vum Marie-Josée Wirtgen.

Dëse feierleche Gottesdéngscht ass zelebréiert gi vum Paschtouer Robert Kuzwela. No enger Usproch vum Marc Linden, President vun der kommunaler Kierchefabrék Hiefenech, si sechs Memberen geéiert ginn. Well d'Presidentin selwer och eng Medaile kritt huet, sinn d'Medailen vun der Vizepresidentin Sarah Kirsch-Peters an vum Caissier Ludwig Müller iwwerreecht ginn.

Geéiert gi sinn: Charel Bernard, Plaquette en or fir 50 Jar; Tilly Di Giambattista, Médaille en or fir 30 Jar; Serge Rosen, Médaille en argent fir 20 Jar; Marie-Paule Rossi, Médaille avec palmettes fir 40 Jar; Pierrette Weyerich, Médaille en or fir 30 Jar, an Pit Wilgé, Médaille en bronze fir 10 Jar.

Uschléissend huet d'Gemeng Hiefenech op e Patt an de Veräinsbau invitéiert.





*Hämmelsmarsch: früher und heute*

## Chorale Ste Cécile Heffingen sorgt für vorweihnachtliche Stimmung



Auf dem inzwischen schon zur Tradition gewordenen Heffinger Weihnachtsmarkt, der von der Hiefenecher Jugend am 3. Advent-Wochenende veranstaltet wird, sorgte die Chorale Ste Cécile mit einem kleinen Konzert für vorweihnachtliche Stimmung. Unter der Leitung ihres Dirigenten Serge Rosen trugen 14 Sängerinnen und Sänger Advents- und Weihnachtslieder in mehreren Sprachen vor. Dazu gehörten „O du fröhliche" und „Joy to the world" genauso wie „Il est né, le Divin enfant", „Hark! The Herald Angels Sing" und „Aus dem Himmelssall".

## Neujahrskonzert 2020

Die Organisation des diesjährigen Neujahrskonzerts hatte die Chorale Ste Cécile Heffingen übernommen. Gemeinsam mit dem Mëllerdaller Männerchouer bot der Heffinger Chor am Sonntag, dem 12. Januar vor dem Hintergrund des festlich geschmückten Chorraums einen stimmungsvollen, der Jahreszeit angepassten Liederreigen dar.

Den Anfang machte die Chorale Ste Cécile unter der Leitung von Serge Rosen mit einem Winterbouquet von sieben bekannten Christmas Carols. Anschließend trugen beide Chöre gemeinsam vier Weihnachtslieder in drei verschiedenen Sprachen vor, darunter auch das luxemburgische Lied „Aus dem Himmelssall".

Mit „O Du Fröhliche" ließ der Mëllerdaller Männerchouer unter der Leitung von Jemp ORIGER die Weihnachtsstimmung ausklingen und stimmte das Publikum mit der Europahymne „Ode an die Freude" auf das Beethoven-Jahr ein. Mit Werken wie „Im Abendrot" von Schubert, „Intrada a cappella" von Lorenz Maierhofer und dem irischen Folksong „Down by the Salley Gardens" fand das festliche Konzert in der voll besetzten Kirche seinen Abschluss. Begleitet wurden beide Chöre am Klavier von Roger Recht, die Moderation hatte Marc Linden übernommen.

Nach dem Konzert fand eine Spendenaktion für ALAN – Maladies rares Luxembourg statt. Die Vizepräsidentin dieser gemeinnützigen Vereinigung erläutert die Mission von ALAN: die Lebensqualität von Menschen und Familien, die von einer seltenen Erkrankung betroffen sind, zu verbessern. Die Vision von ALAN: Ein Umfeld fördern in dem Menschen mit einer seltenen Erkrankung durch Anerkennung, Chancengleichheit und eine verbesserte Lebensqualität ihr volles Potential verwirklichen können.

Weitere Informationen finden Sie unter www.alan.lu



Foto: Ben WAGNER



# Cercle Pédestre Larochette

Association sans but lucratif

De Cercle pédestre Larochette wëll eech di schéi Géigend ronderëm d'Gemengen Fëschbech, Fiels, Noumer, Aerenzdall an Hiefenech virstellen. Trëppelt, sou wéi der Zäit a Loscht hutt, op deenen 126 km, déi am Agenda opgeläscht sinn. D'Reglement fannt dir ënner www.flmp.lu oder op FB ënner IVV Wanderveräin cercle pedestre Larochette oder frot no op cpfiels@outlook.com.

## FILANO – WANDERCUP AN ËMGÉIGEND



Fischbach *(7 Weeër - 17,7 km)*



Larochette *(6 Weeër - 40,1 km)*



Nommern *(7 Weeër - 19,62 km)*



Aerenzdall *(5 Weeër - 35,8 km)*



Heffingen *(2 Weeër - 13,4 km)*



# ASSOCIATIONS

**AMICALE POMPJEEËN HIEFENECH-REILAND**
**Patrick Lopes Fonseca**
1, Stenkel
L-7652 Heffingen

**AMIPERAS**
**Winckel-Biewer Régine**
47, um Béil
L-7653 Heffingen

**BBC US HIEFENECH**
**Seiler Romain**
8, um Béil
L-7653 Heffingen

**CDJ HIEFENECH**
**Reuter Chris**
15, um Béil
L-7653 Heffingen

**CHORALE STE CÉCILE**
**Rossi Marie-Paule**
17, Regioun
L-7653 Heffingen

**DIVERTIMENTO**
**Merlevede Isabelle**
2, rue de Wormeldange
L-6180 Gonderange

**DT ADAS REILAND**
**Schwartz Jean**
34, um Beschelchen
L-7670 Reuland

**FRAËN A MAMMEN**
**Schwartz Ronny**
34, um Beschelchen
L-7670 Reuland

**FRËNN VUN CSÓKAKŐ**
**Schiltz Guy**
47, um Béil
L-7653 Heffingen

**MINISTRARE**
**Peters Lucia**
12, Benzelsgaass
L-7651 Heffingen

**TAEKWONDO HIEFENECH**
**Juchno Piotr**
24A, Dellegaass
L-7652 Heffingen

**OEUVRES ST MATHIAS**
**Maggy Schaack**
10, am Duerf
L-7670 Reuland

**POMPJEEËN HIEFENECH-REILAND**
**Moschetti Rafael**
16, Stenkel
L-7652 Heffingen

**SUPPORTERCLUB HIEFENECHER LÉIWEN**
**Schiltz Guy**
47, um Béil
L-7653 Heffingen



**WEIDER INFO OCH ONLINE OP WWW.HEFFINGEN.LU**
**AN OP FACEBOOK.COM/GEMENGHIEFENECH**